MENG GEMENG: LOKAL CHRONIK - INTERESSEVERÄINER

# Märel: D'Rue des Celtes definitiv spären?

Vum Raphaëlle Dickes | Update: 06.09.2019 19:55 | 1 Commentaire(n)

Märel: D'Rue des Celtes definitiv spären?




*Zanter 7 Joer schonn ass d'Rue des Celtes, d'Verbindungsstrooss tëscht Märel an dem Schléiwenhaff, gespaart.*

#

**Zanter 7 Joer schonn ass d'Rue des Celtes, d'Verbindungsstrooss tëscht Märel an dem Schléiwenhaff, gespaart.**

Dat, well een zweet Gleis op der Péitenger Zuchstreck an eng Ënnerféierung do sollte gebaut ginn. Wéinst Enteegnungs-Prozeduren koum et awer nach net zum Bau vun der Ënnerféierung. Den Interesseveräin Märel-Belair fuerdert an der Tëscht, dass d'Strooss egal wéi definitiv soll fir den Autosverkéier gespaart bleiwen. Eng Fuerderung, mat der d'Gemeng Leideleng alles wéi net averstanen ass.

Eigentlech sollt d'Rou virum Duerchgangsverkéier just provisoresch sinn. Ma no 7 Joer hunn d'Märeler aus der Rue des Celtes an de Citéë ronderëm sech un d'Situatioun gewinnt. A wëlle partout keen zéien Trafic méi virun der Dier. De Feinstëbs an der Loft ass just eent vu séllechen Argumenter.

***D'Marthe Schmit, Presidentin vum Interesseveräin Märel-Belair a besuergte Mamm vun zwee Kanner:*** *Do iwwer hu mer d'Schoul an hei soll aus der Strooss dann erëm den zousätzleche Verkéier, deen da ganz sécher entstoe wäert, erauskommen. Fir eis ass dat eng Belaaschtung. Fir d'Kanner, fir e séchere Schoulwee an och einfach fir Liewensqualitéit am Quartier.*

***De Ryan Shepherd, Interesseveräin Märel-Belair:*** *D'Rue des Celtes huet sech sécher als Fräizäit-Oas entwéckelt. Dat dierf een net vergiessen. Well vill Leit ginn de Weekend mat der Poussette mat de Kanner. D'Kanner kënnen do fräi mam Vëlo fueren bis an de Laangbësch an zréck. An dat ass u sech e sozialen Acquis, dee géinge mer verléieren.*

En Acquis, deen den Ament mol nach op der Märeler Säit duerch Bëtons-Bléck an engem Zonk geséchert ass. D'Leidelenger Gemeng huet eng Vue vun der anerer Säit. Der Zéissenger. Op dës Barrière. Zanter 7 Joer sënnlos. An awer e wichtegen Zäitzeien. De Beweis vun enger fréierer Strooss, déi mat enger Ënnerféierung nees soll fir den Autosverkéier opgoen. An de Leidelenger e besseren Accès an d'Stad erméiglechen.

#

**Jean-Paul Sunnen, Schäffen Gemeng Leideleng:** *Haut geet alles duerch d'Rue de Bouillon an déi ass zimlech verstoppt an d'Leit hu Schwieregkeeten, dohinner ze kommen. Ausserdeem ginn et Leidelenger Baueren, déi hu Wisen op der anerer Säit vun de Schinnen. Et gëtt Märeler Baueren, déi hu Wisen op der Leidelenger Säit, déi mussen e schrecklechen Ëmwee maachen, fir op hir Proprietéiten ze kommen an dat soll duerch den Tunnel hei besser ginn.*

D'Märeler awer hunn de Verkéier ronderëm analyséiert a sinn der Meenung, dass net just si ënnert der Ëffnung vun engem neie Schläichwee leide wäerten. Automobiliste vun der Escher A4 an der Dippecher Strooss kéinten iwwer Leideleng, duerch d'Rue de la vallée an d'Rue des Celtes ee méi flëssegen Accès an d'Stad sichen.

De Leidelenger Schäffen iwwerdeems gesäit do manner e Problem. D'Rue de la vallée wär souwisou schonn an de Stousszäiten voller Gefierer. *Eng definitiv Léisung kéint do dee berühmte Boulevard de Merl sinn, deen an der Diskussioun ass. Mee mir mengen net, dass dat hei d'Verkéierssituatioun zu Leideleng verschlëmmert.*

Wéi soll et da lo weider goen? Do muss wuel d'Stad Lëtzebuerg tranchéieren, well d'Rue des Celtes eng Gemenge-Strooss ass. Op eis Nofro huet et geheescht, d'Gemeng géif d'Verkéierssituatioun an nächster Zäit analyséieren an duerno Stellung huelen. D'Märeler iwwerdeems hunn elo schonn eng kloer Visioun, wat soll geschéien.

#

***Guillaume Rischard, Interesseveräin Märel-Belair:*** *Wann hei eppes un den Infrastrukture soll passéieren, da sollen d'Weeër fir d'Mobilité douce verbessert ginn. Datt mer nach besser Alternativen zum Stau hunn. Datt een nach besser an d'Nopesch-Gemenge kënnt. Datt een nach besser an d'Stad kënnt.*

An de leschte 7 Joer hätt de Verkéier sech verschlëmmert. De politesche Wëllen, d'Autoen aus der Stad ze kréien, wär jo do. Deemno wär et en Non-sens, eng Quartiersstrooss nees fir den Duerchgangsverkéier opzemaachen. Esou d'Argumenter vun de Märeler.

D'Leidelenger sinn iwwregens och der Meenung, dass d'Ënnerféierung an der Rue des Celtes, wa se da gebaut gëtt, och Vëlo- a Foussgängerfrëndlech soll gebaut ginn. Et hätt ee Respekt virun de Märeler, et géif ee verstoen, wat si wéilten, esou de Leidelenger Schäffen Jean-Paul Sunnen. Deen ënnersträicht, dass seng Gemeng och der Meenung wär, datt d'Strooss fir Camione sollt gespaart bleiwen.

Wéini de Schantjen fir de Bau vun der Ënnerféierung ugoe soll, doriwwer huet d'Eisebunn sech RTL géintiwwer ganz bedeckt gehalen. De Projet wär nach an der Etude, et kéint een deemno nach näischt dozou soen, esou d'CFL.

#